

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alf Christian, 15:34, 12/02/2021

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Op senger Internetsäit huet ee fréiere Chefredakter vun RTL Radio Lëtzebuerg, de 5. Januar 2021, an engem Artikel iwwert d'Pandemie, geschriwwen:

"Ech hat schonn um Ufank vun der Pandemie drop higewisen, datt de chef de cabinet am Staatsministère, mat RTL e mëndlechen Accord ausgehandelt hat, am Genre: *"RTL kritt Informatiounen iwwer de Verlaf vun der Viruskrankheet als éischte Media a steet an der Konterpartie stramm op der Linn vun der Regierung!"*

Dofir wollt ech dem Här Staatsminister folgend Froen stellen:

1. Gëtt et mëndlech Accorden, tëscht Ministeren oder héije Beamte mat RTL?
2. Ass, wéi hei am Artikel beschriwwen, am Joer 2020, ee mëndlechen Accord tëscht dem chef de cabinet am Staatsministère mat RTL ausgehandelt ginn?
3. Wa jo entsprécht de mëndlechen Accord dem uewen zitéierten Inhalt?
4. Wann nee, wat ass den Inhalt tëscht dësem mëndlechen Accord?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Luxembourg, le 2 mars 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen, 15:12, 02/03/2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, à la question parlementaire n°3630 posée par l'honorable Député Monsieur Fred KEUP au sujet d'un « accord entre un fonctionnaire du Ministère d'État et RTL concernant les informations sur la pandémie de la Covid-19 ».

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°3630 du 12 février 2021 de Monsieur le Député Fred KEUP.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, op d'parlamentaresch Fro n°3630 vum 12. Februar 2021 vum honorabelen Här Deputéierten Fred KEUP iwwert en "accord entre un fonctionnaire du Ministère d'État et RTL concernant les informations sur la pandémie de la Covid-19".

Ad 1)

Et existéiert keen esou en Accord.

Ad 2)

Neen, esou en Accord ass net ausgehandelt ginn.

Ad 3) a 4)

Cf. d'Äntwert op d'Fro 1.